LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, an dem Minister fir Famill, Solidaritéit, Zesummeliewen an Accueil, Max Hahn, op d'parlamentaresch Fro Nr. 204 vun den honorabelen Deputéierte Marc Goergen a Ben Polidori**

**Ad 1)**

Aus der eLearning-Plattform *eBac* ass ab dem Schouljoer 2018-2019 den *eCampus* mat enger méi breet gefächerter Offer ginn. Hei drënner d'Evolutioun vun der Zuel vun den Aschreiwungen am *eCampus*.

| ***2018-2019*** | ***2019-2020*** | ***2020-2021*** | ***2021-2022*** | ***2022-2023*** |
|---|---|---|---|---|
| 217 | 207 | 258 | 205 | 237 |

**Ad 2)**

Iwwert d'Zuel vun de Schüler, déi an eise Nopeschlänner an engem eLearning-Programm ageschriwwe sinn, leien eis keng Informatioune vir.

**Ad 3)**

Aktuell si keng Schüler aus eise Nopeschlänner am *eCampus* ageschriwwen.

**Ad 4)**

D'Konditioune fir datt Kanner ab 18 Joer nach e Recht ob Kannergeld hu sinn am Artikel 271 vum Code de la sécurité sociale festgehal. Den Artikel 271, Paragraf 2 seet Follgendes :

*« Le droit à l'allocation familiale est maintenu jusqu'à l'âge de vingt-cinq ans accomplis en faveur de l'enfant qui :*

*a) poursuit effectivement, sur place dans un établissement d'enseignement, à titre principal d'au moins vingt-quatre heures par semaine des études secondaires classiques, secondaires générales ou y assimilées ;*

*b) poursuit effectivement, sur place et à titre principal des études ou une formation adaptée à ses capacités dans un institut spécialisé de formation ou centre de compétence en psycho-pédagogie spécialisée ;*

*c) poursuit un apprentissage suivant les dispositions de l'article L. 111-1 et suivants du Code du travail et dont l'indemnité est inférieure au salaire social minimum. ».*

Déi Dispositioune fannen hiren Ursprung am Gesetz vum 23. Juli 2016 dat ënnert Anerem den Artikel 271 vum Code de la sécurité sociale ob deem Punkt modifizéiert erëm, a sinn och an den Travaux parlementaires zu deem Gesetz expliziéiert ginn (Doc. parl. Nr. 6832, S. 33). De Gesetzgeber präziséiert

hei datt d'Finalitéit vum Kannergeld doranner besteet fir Ménagen ze ënnerstëtzen an deem Kanner present sinn. Et geet hei wuelgemierkt ëm déi Kanner déi kee Verdéngscht hunn, also net kënne schaffen. Forcément kënne Kanner déi op der Plaz an enger Schoul wärend enger festgesatener Zäit hir Formatioun maachen, net schaffen.

Par contre, ass dat net bei Kanner déi en *e-BAC* maachen de Fall. An da ginn et jo nach aner Formatiounen déi och zu engem Bac kenne féieren an déi sech ebe grad u Leit riichten déi schaffen, wéi zum Beispill déi Formatiounen déi an Owescoursen ugebuede ginn.

Well et awer ganz schwéier ass fir hei eng Grenz ze zéien an ze kontrolléiere wien elo enger Aarbecht nogeet a wien net, huet de Gesetzgeber sech dofir entscheet fir déi Kanner ze viséieren déi hir Étuden an der Schoul maachen.

Lëtzebuerg, de 27. Februar 2024

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH